N°744
Entrée le 16.05.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 16.05.2024
Chambre des Députés

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 16. Mee 2024

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

An enger Réunion de service am Lycée Josy Barthel Mamer (LJBM) soll rezent proposéiert gi sinn, fir d'Beruffsausbildung "Technicien en génie civil" vun der Rentrée 2024/2025 un ofzeschafen an eréischt fir d'Rentrée 2027/2028 eng nei Technikerausbildung am Regimm vum Enseignement Secondaire Général anzeféieren. Den LJBM ass bekanntlech deen eenzege Lycée am Land, deen dës Formatioun ubitt.

An deem Kontext géing ech dem Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend follgend Froe stellen:

- Kann den Här Minister confirméieren, datt d'Beruffsausbildung "Technicien en génie civil" vun der Rentrée 2024/2025 am LJBM ofgeschaaft gëtt an eréischt fir d'Rentrée 2027/2028 eng nei Technikerausbildung agefouert soll ginn? Wa jo, firwat gëtt eng Formatioun ofgeschaaft, ier eng Alternativ agefouert gëtt?
- A wéi wäit kann d'Direktioun vun engem Lycée autonom decidéieren, fir eng Formatioun ofzeschafen? Ass et üblech, datt sou Decisiounen an enger Réunion de Service geholl ginn?
- Sollt d'Formatioun tatsächlech vu September un net méi ugebuede ginn, wéi eng Alternativen hunn déi Schülerinnen a Schüler, déi sech elo fir déi Sektioun entscheede wollten? Wat ass virgesinn fir déijéineg, déi nach mat der Formatioun amgaange sinn an e Joer redoubléiere mussen?

Mat déiwem Respekt,

Francine Closener
Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 744 vun der honorabeler Deputéiert Francine Closener**

D'Direktioun vum Lycée Josy Barthel Mamer (LJBM) hat de 25. Abrëll eng Entrevue mat den Enseignanten aus dem Baufach, fir iwwert d'Zukunft vun der Formatioun vum *Technicien en génie civil* (DT GC) ze schwätzen. Bei där Geleeënheet huet d'Direktioun d'Propos gemaach, eng Ufro fir d'Ausschaffe vun enger neier Sektioun *Construction* um Niveau vum Enseignement secondaire général (ESG) ze stellen, an dofir déi aktuell Formatioun vum Techniker auslafen ze loossen.

An engem Schreiwes vum 7. Mee huet d'Direktioun vum LJBM eng Entrevue mat de Responsabele vun de Servicer vum Enseignement secondaire an der Beruffsausbildung gefrot, fir iwwert d'Offre scolaire vum LJBM am Beräich vum Baufach ze schwätzen.

Och wann dës Entrevue nach net stattfonnt huet, ass et awer kloer, datt d'Formatioun vum Techniker am Génie civil och weiderhi wäert am LJBM ugebuede ginn. Nieft der Tatsaach, datt et ondenkbar ass, esou spéit am Schouljoer eng Formatioun fir dat kommend Schouljoer zouzemaachen, ass et och net ee Lycée, deen aleng iwwert d'Weiderbestoe vun enger Formatioun decidéiert. Esou Decisioune gi vum Educatiounsministère am Partenariat an an Ofstëmmung tëscht dem Service vun der Beruffsausbildung an de Beruffskummere geholl.

Deemno wäerten och fir d'Rentrée 2024/2025 Schüler hir Formatioun zum Techniker am Génie civil am LJBM ufänken.

Lëtzebuerg, de 25. Juni 2024

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH